# Appel à projets „Gitt dobaussen aktiv“

**Projet « Petit à petit, l’oiseau fait son nid... » vun der Crèche Pomme d’amour vun Krauthem**

Mat hirem Projet wëll d’Crèche Pomme d’amour d’Kanner fir d’Natur an d’Ëmwelt sensibiliséieren. Dofir wandelen si, mat Hëllef vun der Ligue pour la Protection des Oiseaux (LPO), hire Gaart als Refuge fir Villercher ëm, mat allem wat dat och fir d‘Fauna an d’Flora mat sech bréngt. Dësen natierleche Léiergaart soll fir d’Kanner zu enger Plaz vum Austausch an der Beobachtung ginn, wou villfälteg Aktivitéiten a Relatioun mat der Ëmwelt, am Wiessel vun de Joreszäiten an dem Liewenszyklus vun de Villercher stattfannen.




**Wann Dir wëllt méi iwwert dëse Projet gewuer ginn, da kënnt Dir hinne gären eng Mail schécken crechepommedamour@gmail.com .**

**Suivi vum Projet (Text a Fotoen vun der Crèche Pomme d’Amour) :**

No an no, baut de Villchen säin Nascht...

D’Iddi vun dësem Projet ass et, aus de Gäert vun eisen 2 Crèchen, e Refuge fir Villercher ze maachen, deen vun der LPO zertifiéiert ass. Dëst erlaabt et de Kanner eng privilegéiert Beobachtungsplaz direkt bei der Crèche ze hunn an sou eng ganz Réi Naturaktivitéiten dobaussen ze maachen, a Verbindung mam Liewenszyklus vun de Villercher!

Déi éischt Etappe ass gemaach an eis Demande fir de Bäitrëtt bei der LPO ass ënnerwee.







Mir hunn eis riseg Bestellung, déi mir bei der LPO gemaach hunn, geliwwert kritt. Do waart nach genuch Bastelaarbecht op eis.

D’Theema vun de Villercher wiert eis haaptsächlech pedagogesch Leitlinn fir déi kommend Méint sinn an d’Kanner wärend hirer ganzer Zäit bei eis an der Crèche begleeden. Vill Iwwerraschungen, Staunen an Entdeckunge waarden op eis Kanner.

Haut hunn d’Kanner mam Bau vun de Vullenhaisercher fir Meesen ugefaangen. De ganzen Dag gouf fläisseg geschafft, gehummert a geschrauft fir des Missioun ze erfëllen! 💪











Jiddereen huet matgemaach. Jonk an Al! Bravo un all d’Kanner an Erwuessener, trotz e puer Schléi mam Hummer op d‘ Fanger!!! 🤕









Et goufen eng gutt 20 Vullenhaisercher fir Meese gebaut. De Rescht kënnt an de nächste Wochen no…





Haut hunn d’Kanner zesummen geschafft fir d’Vullenhaisercher unzesträichen. Déi éischt Haisercher ginn an de Gäert vun den 2 Crèchen opgehaange fir d’Villercher begréissen ze kënnen. Bis déi éischt Bewunner antreffen, wäerte mir eis awer nach e bësse gedëllege mussen.😋🐦











Lo geet et richteg lass! D ‘Kanner si komplett an de Projet verdéift.

An dëser Woch baue mir Dränken a Fudderplazen, déi am Hierscht gebraucht ginn an hänken se op. All d‘Kanner aus béide Crèchen huele gemeinsam um Projet deel. Mir hunn nach vill ze dinn, awer et geet gutt virun! 👍










What is this life, if full of care, we have no time to stand and stare ? ~ O ~
What is this life, if full of care, we have no time to stand and stare ? ~ O ~

No an no, baut de Villchen säin Nascht...

Am Kader vum Projet hu mir fir d' Gruppe vun de Bëbeeë „Sënnes-Këschten" zum Thema Villercher a Bësch zesumme gestallt.









Doran sinn: Bicher, Lidder, eng Eilen-Popp, Géigestänn aus der Natur fir unzepaken an ëmzefëllen... Si si méi wéi just „Sënnes-Këschten" mee wierklech pedagogesch Hëllefsmëttel, déi am Zesummenhang mam Thema vun de Villercher kënnen agesat ginn.



D ‘Bëbeeën hunn se dëse Summer méi wéi eng Kéier am Gaart vun der Crèche kënnen testen.


Hier Sënner goufe geweckt, e wierkleche Succès 😊